


01/2023

# debulletin



**Editorial vum  
Patrick Remakel**  
Burn-out am Enseignement

**ETUCE an EFEE**  
Eng gemeinsam Konferenz  
zu Warschau

**« Appui pédagogique » :**  
Vun eis – Fir eis Schüler !

**En neie « Plan d'études »**  
fir den « Enseignement  
fondamental »?



syndicat  
national des  
enseignants  
cgfp

**Fir lech,  
mat lech,  
zesumme  
méi staark!**

# ROOM *Luxembourg*

- Schulmöbel
- Bibliotheken
- Kindergartenmöbel
- Themenräume
- Konferenzräume



Mobiles Lernen neu gedacht!



- 02**      **Editorial vum Patrick Remakel**  
**Burn-out am Enseignement**
- 06**      **ETUCE an EFEE**  
**Eng gemeinsam Konferenz zu Warschau**
- 07**      **« Appui pédagogique » :**  
**Vun eis – Fir eis Schüler !**  
**Kommentar vum Gilles Bley**
- 08**      **Eis Memberen hunn d'Wuert**  
**Interview mat engem motivéierte Schoulmeeschter**
- 10**      **En neie « Plan d'études »**  
**fir den « Enseignement fondamental »?**  
**Ronny Mergen**
- 12**      **„We'll be listening to you“ -**  
**Eine Geschichte des Paranoiakinos**  
**Formation IFEN**
- 24**      **SNE Seniors**  
**Dagesausfluch**  
**op Traben-Trarbach**
- 26**      **Respektvoll**  
**miteinander sprechen –**  
**Konflikten vorbeugen**  
**Buchtipp vum Vanessa Schetgen**

# Éditorial

## Burn-out am Enseignement

D'Aarbechtsbelaaschtung an d'Aarbechtsufuerderungen un d'Enseignanten hunn an de leschte Jore konstant zougeholl. Deementspriechend schéngt et, wéi wann d'Zefriddenheet mat den Aarbechtskonditiounen an d'Freed un der Aarbecht am selwechten Zäitraum bei enger Partie vun Enseignanten erofgaange wier. D'Zuel vun den Enseignanten, déi no um, oder esouguer schonn am Burn-out sinn, ass eiser Meenung no déi lescht Zäit drastesch eropgaangen, och wann et leider (nach) keng offiziell Zuelen zum Thema Burn-out am Enseignement ginn.

Wéi kann dat sinn, wou jo den Enseignement e Secteur soll sinn, wou een eng deck Pai huet, gréisstendeels just Vakanz huet a sech ni Gedanken ëm seng Zukunft ze maache brauch? Schliisslech huet ee jo eng sécher Plaz beim Staat. Dat kléngt jo wierklech alles no engem Dramberuff!

An deen ass et eigentlech jo och!

An awer: aus ëmmer méi Studien an Artikelen geet méttlerweil länneriwwergräifend ervir, dass d'Enseignanten ëmmer manner zefridde sinn a sech iwwerschafft spieren. An dat héiert ee leider ze dacks och bei eis an de Schoulen. Ëmmer erëm kritt ee mat, wéi Kolleegen ënnerteneen zielen, dass se midd, iwwerfuert an ausgebrannt sinn.

Mee wourunner läit dat genau? Firwat sinn eng Partie Enseignanten ëmmer méi onzefridden an ufällig fir e Burn-out?

### Den Enseignantsberuff fuerdert konstant nei a polyvalent Fäegkeeten:

Den Enseignant stellt sech a sengem Beruff enorm héijen Erausforderungen an e setzt sech dagdeegleche Belaaschtungen op ville Pläng an a verschiddene Beräicher aus. Et ass eng emotional extrem fuerdernd an usprochsvoll Aufgab, Kanner ze enseignéieren, déi a ganz ënnerschiddleche Kontexter opwuessen an déi d'Ënnerstützung oft bei hirem Enseignant sichen a fannen. Leider ginn et ëmmer méi Kanner, deenen hire Wee net einfach ass a wou den Enseignant dann d'Problemer net op der Aarbecht léisst, mee se oft mat heem hëlt.

### Administrativen Opwand:

Den administrativen a bürokrateschen Opwand, deen d'Enseignantë méttlerweil hunn, ass enorm. Oft fanne si, dass dësen administrativen Aarbechtsopwand belaaschtend ass, ouni awer vill Resultater mat sech ze bréngen. Muss wierklech alles ëmmer schrëftlech ugefrot, beluecht a kommentéiert ginn? D'Konsequenz vun dëser Méiaarbecht ass dacks e gestressten an



midden Enseignant, deen zwar vill Zäit domadder verbréngt, Formulieren auszufüllen, ouni awer eng reell Plus-Value ze kréien.

### Digitaliséierung:

Mam administrativen Opwand kënnt och regelméisseg erëm d'Gespréich iwwer d'Digitaliséierung vu verschiddene Prozeduren op. Mir liewen an engem Zäitalter vun der digitaler Moderniséierung an et ass gewosst, dass d'Digitalisatioun munches op ville Plaze vereinfache kann. Dat ass am Prinzip richtig, gëllt awer net onbedéngt ëmmer fir den Enseignement. Och do heescht et, ze kucken, wou d'Digitalisatioun e Virdeel bréngt a wou net. Den SNE/CGFP kontestéiert scho laang, dass d'Digitaliséierung net automatesch och eng Vereinfachung bedeit. Mir bekloen, dass de MENJE mat der Digitaliséierung den administrativen Opwand just op en aneren Niveau verlagert. D'Prozedure ginn net onbedéngt vereinfacht an acceleréiert, mee et gëtt dat selwecht digital amplaz analog gemaach.

**Den administrativen a bürokrateschen Opwand, deen d'Enseignantë méttlerweil hunn, ass enorm.**



### « Droit à la déconnexion » :

Wa mir vun Digitaliséierung schwätzen, da musse mir awer och vum « Droit à la déconnexion » schwätzen. Duerch d'Digitaliséierung sinn d'Enseignantë quasi zu all Moment erreechbar an esou vermëscht sech gären och mol d'Privatliewe mat dem Berufsliewen, an dat heiansdo an engem ongesonde Verhältnis. Eng schläichend Opléisung vum Privatliewe kann derzou bäidroen, dass den Enseignant owes op eemol gedanklech net méi adequat mat senger Aarbecht ofschléisse kann. Esou ass eng gesond « Work-Life-Balance » net méi méiglech.

Wann ee sech all déi Punkten hei uewendriwwer ukuckt, dann ergëtt sech op eemol e ganz anert Bild vum Enseignantsberuff wéi dat, wat dobaussen zirkuléiert. Wann d'Enseignantë sech ëmmer méi abréngen a bis un d'Limitt vun hirer Belaaschtung goe mussen, da geet dat iergendwann op d'Käschte vun hirer Gesondheet. An Extremfäll kann et esouguer esou wäit goen, dass si an e Burn-out falen.

Op eemol verdréit een déi ganz Belaaschtung net méi, alles fänkt un, emotional a psychesch ustrengend ze ginn an et packt ee säin Alldag net méi. Eng Rei Enseignantë sichen d'Léisung fir d'éischt emol doranner, hir Tâche erofzesetzen, an der Hoffnung, entlaascht ze ginn. Leider bleift awer bei engem « Service à temps partiel » den Aarbechtsopwand an d'Belaaschtung oft nach ze grouss.

Wéi an all den anere Beruffer gëtt sech och oft am Enseignantsberuff net getraut, de Problem vum Burn-out unzeschwätzen, well ee fäert, net eescht geholl ze ginn an als « ze schwach » agestuift ze ginn. Oft gëtt de Problem leider ze laang schleefe gelooss bis et op eemol ze spët ass.

De MENJE muss sech endlech der Problematik vu Belaaschtung, Iwwerbelaaschtung a Burn-out am Enseignement bewosst ginn an endlech handelen.

D'Wuelbefanne vun den Enseignantë muss endlech eng absolut Prioritéit ginn.

Patrick Remakel  
President SNE/CGFP



Patrick Remakel,  
President SNE/CGFP



D'Vereenegung vun den europäeschen Enseignantsgewerkschaften (European Trade Union Committee for Education, ETUCE\*) an d'Verrieder vun den Employeuren am Schoulwiesen (European Federation of Education Employers, EFEE) hu sech den 30. an 31. Januar zu Warschau op enger gemeinsamer Konferenz zesummeformt. Eng Delegatioun vum SNE/CGFP huet un dëser Konferenz, déi ënner dem Motto « Attractiveness of the teaching profession » stoung, deelgeholl.

Iwwer zwee Deeg goufen hei eng ganz Rei Sujeten ugeschwat, déi all am Zesummenhang mat der Attraktivitéit vum Enseignantsberuff stinn. De gemeinsame Constat: d'Penurie vun Enseignanten ass eng Tendenz, déi sech europawäit ganz däitlech ofzeechent. Och den « Drop out », also d'Zuel vun Enseignanten, déi dës Beruff no e puer Joer verloossen, ass an enger ganzer Rei vu Länner beonrouegend héich. Aus dësem Grond ass et ëmsou méi wichteg, datt mir eis um europäeschen Niveau zesummen dinn an eis fir gemeinsam Revendicatiounen staark maachen.

D'Konferenz gouf déi zwee Deeg geleet vum Larry Flanagan, dem President vum ETUCE an dem Fergal McCarthy, dem Vize-President vu der EFEE, mam Zil, fir de Sozialdialog tëscht allen Acteuren ze stäerken an e Bewosstsi fir déi jeeweileg Educatiounspolitik an deene verschiddene Länner ze schafen.

**D'Sujeten, déi ugeschwat goufen, waren ënner anerem:**

- d'Roll vum Sozialdialog an der Educatioun,
- d'Aarbechtskonditiounen,
- d'Initialausbildung an d'« Formation continue »,
- d'Reformen am Schoulwiesen,
- d'Investitioun an d'Bildung,
- d'Gesondheet vum Enseignant an d'« Work-Life-Balance »,
- d'Valorisatioun vun eisem Beruff.

No zwee Deeg intensivem Austausch mat aneren europäesche Gewerkschaften ass e gemeinsamt Dokument entstanen, de « Framework of actions on the attractiveness of the teaching profession ». An dësem « Plan d'action » ginn net nëmme Piste virgeschloen, fir géint d'Penurie unzekämpfen, mee och fir d'Enseignanten esou laang wéi méiglech zu deene beschtméigleche Konditiounen am Beruff ze halen.

Dat ganzt Dokument kënnt Dir hei noliesen:



**D'Vanessa Schetgen**  
ass Enseignante am Cycle 2  
an der Gemeng Hesper  
an éischt Vize-Presidentin  
vum sne/cgfp.

\* D'ETUCE, representéiert 132 Gewerkschaften aus 51 Länner.

## « Appui pédagogique » : Vun eis – Fir eis Schüler !



Fir den Interêt vun eise Schüler hält all Enseignant, proportionell zu senger Tâche, « Appui pédagogique ». Sou gesäit de gesetzleche Kader Folgendes vir :

*« La tâche annuelle de chaque instituteur comprend 54 heures d'appui pédagogique. Elles viennent s'ajouter aux leçons d'enseignement direct. Les heures d'appui ne sont pas exclusivement réservées aux branches principales; elles peuvent également être consacrées aux sciences, aux sports, etc. L'attribution et l'organisation des heures d'appui est décidée au sein de l'équipe pédagogique. »<sup>1</sup>*

D'Eegeverantwortung vun der « Équipe pédagogique » aus der Schoul, steet fir den SNE/CGFP am Virdergrond. Wéi e Schüler oder Grupp vu Schüler kann zu dësem Moment am beschte vu wéi enger Form vum « Appui pédagogique » profitéieren? Dës Fro gëllt et, reegelméisseg als Schoul, als « Equipe pédagogique », ze beantwieren. Natierlech kann déi Form vun Ënnerstützung oder Aktivitéit variéieren, mee si soll punktuell sënnvoll fir déi ganz Schoulcommunitéit agesat ginn.

Fir den SNE/CGFP ass et kloer an onmëssverständlech - hei spillt eng total Autonomie vun de Schoulen betreffend der Uwendung vum « Appui pédagogique », deen hinnen zur Verfügung steet. A kengem Fall kann eng Direktioun oder eng « Commission d'inclusion » eegestänneg iwwert den « Appui pédagogique » aus enger Schoul verfügen, den Enseignanten imposéieren, wou a wéi si hiren « Appui pédagogique » ze halen hunn oder Prioritéiten iwwert d'Käpp vun der « Équipe pédagogique » ewech festleeën a steieren.

Eenzeg an eleng der « Équipe pédagogique » ënnerläit d'Responsabilitéit, d'Gestaltung an d'Ëmsetzung vum « Appui pédagogique ». Vun eis, fir eis Schüler.

Sources:

<sup>1</sup> *L'enseignement fondamental : Descriptif détaillé, MENJE 17.10.2022 page 15*



**De Gilles Bley**  
ass Enseignant Poste d'appui,  
Président du Comité d'école,  
Ecole Fondamentale Limpertsberg.

# Eis Memberen hunn d'Wuert

## Interview mam Paul \*, engem motivéierte Schoulmeeschter

« Eis Memberen hunn d'Wuert », eng nei dynamesch Rubrik – haut eng flott Diskussioun mam Paul iwwert säi Beruff, säin Alldag an der Schoul a säin Ëmgang mat den Neierunge vum Ministère.

### **Paul, erziel eis einfach emol, wéi s du zum Beruff «Schoulmeeschter» komm bass?**

Dat war bei mir keng spontan Decisioun, schonns vu Laangem wollt ech Schoul halen. Ganz vill Erfarungen am Ëmgang mat Kanner a Jugendlechen hunn ech a menge Fräizäitaktivitéite bei de Scoute gesammelt. Wou du bis d'Fro vun der Ausbildung an dem Berufswunsch koum, stoung dat ganz schnell fest, datt ech wéilt Schoulmeeschter ginn. D'Formatioun selwer ass mir och gutt vun Hand gaangen. Ouni gréisser Problemer hunn ech mäi Studium ofgeschloss an et konnt lassgoen.

### **Wéi hues du dann dunn den Ufank an d'Beruffswelt erlieft?**

Eigentlech gouf et do guer keng Ulafschwieregkeeten. Ech hunn eng Klass gewielt, an ech mengen, ech hat och e bässe Chance, wann ech drop zeréckkucken, et war nämlech eng relativ einfach an dankbar Klass, ouni gréisser Schwierigkeeten. Wann ech déi nei Kolleegen haut kucken, a wéi si sech no dem Concours nach duerch e Stage musse ploen, wéi wann een hinnen, mam Diplom an der Täsch, elo awer net richteg traue géing, datt si kéinte Schoul halen, weess ech net, ob ech de Beruff nach emol géing wielen. Den Ufank ass sécherlech net bei jidderengem d'selwecht an net bei jidderengem gläich, ma no dem « Concours d'admission à la fonction », wier et awer net schlecht, eng méi grouss Portioun Vertraue vum Ministère an den Direktiounen a seng perséinlech Kompetenzen ze erfueren.

### **Haut bass du e gestanene Schoulmeeschter, hues am C2-4 bal all Zykel duerchlaf, wou läit den Defi fir dech haut?**

Den Hauptdefi vun haut ass eigentlech mam Ministère nach nozekommen. VieSo, Coding, en neie Franséischprogramm, lo hunn ech jo gelies, deemnächst och nach en neie Recheprogramm. D'Schoul halen ännert permanent, et kann ee quasi guer net méi op seng Erfahrung opbauen. Natierlech kann ee soen, da gëtt et engem net langweilig. Ma sou schlecht war och net alles, wéi et scheinbar elo gemaach gëtt, datt mir alles permanent iwwert e Koup geheien. Et gëtt och ganz einfach oft gesot, « dat ass nâischt Neies, wat bái kënnt », mee et soll een et an de besteende Programm einfach abauen. Ma vu datt nâischt ewech gelooss gëtt, ginn de Programm, d'Erwaardungen an d'Fuerderungen awer am Fong just méi grouss.

E risege Problem an de Schoulen ass dann awer och sécherlech d'Inklusion vu Kanner mat spezifesch Besoinen. Hei sinn d'Erausforderungen enorm! D'Realitéit am Alldag ass extrem schwéier, besonnesch d'Ëmsetzung vun de Virgaben, déi um Pabeier stinn. Mee net nëmmen d'Ëmsetzen, och d'Waarde bis een Hëllef kritt, stellen e Problem duer. Mol guer net dervunner geschwat, wéi wéineg Hëllef ee kritt par Rapport zu der viller Hëllef, déi ee bräicht. Sou eppes ass fir mech net nozevollzéien, datt eis Moyenen an der Schoul esou kleng si par Rapport zu den héijen Erwaardungen an groussen Ukënnegungen.

**Ganz einfach, d'e-Bichelchen ass fir mech elektronesch Schnick-Schnack, dee mir net brauchen.**



### **Ganz nei ass dann och d'e-Bichelchen, dat dëst Joer jo fakultativ agefouert gouf an d'nächst Joer soll obligatoresch ginn. Wéi verfollegs du déi Entwécklung?**

Ganz einfach, d'e-Bichelchen ass fir mech elektronesch Schnick-Schnack, dee mir net brauchen. Net all Kand, net all Famill a menger Klass huet éischtens emol e permanenten Accès ob déi nei Medien, sou wéi et néideg wier, fir sou en e-Bichelchen uerdentlech ze benotzen. Ma déi ganz Plus-Value vum « gewéinleche » Bichelchen déi mir bis elo haten: d'Eegeverantwortung, eppes opzeschreiwen, déi kleng Léierprozesser - Datum schreiwen, eppes organiséieren, sech erëmfannen, drun denken - ,déi ginn all verluer. Mir brauchen an der Schoul keen elektronesch Chaos bei Kanner an deem jonken Alter. Mir brauchen en Instrument mat deem d'Kanner eens ginn, an zwar all d'Kanner vum Zykel 1.1 bis Zykel 4.2 . Och elo schonn hunn ech jo d'Méiglechkeet, den Elteren eng E-Mail ze schreiwen, respektiv si mir, oder de Kanner eng Noricht via Teams, wann ech dat fir sënnvoll halen, ze schécken. Fir mech ass dat e-Bichelchen total onnéideg an eng zousätzlech administrativ Belaaschtung.

### **Déi nei Medien, de Coding, eis « nei » an zukünfteg Gesellschaft, erfuerderen déi dann net eng total Neiausrichtung vun der Schoul, wéi mir se haut kënnen?**

Éierlech, wann een haut déi Jonk gesäit, jidderee mat sengem Handy, kee Mënsch méi, dee matenee schwätzt, ëmmer manner wou nach dobausse spillen.

Eis Gesellschaft ass amgaangen, sech ze individualiséieren an e Fake, kuerzt Laachen opzesetzen, wann e Selfie gemaach gëtt fir duerno nees an déi virtuell Welt zeréckzefalen. Déi Welt musse mir onbedéngt vermeiden. Mir brauchen nees méi Mënschlechkeet, méi sozialen Ëmgang, méi sozial Kompetenzen, ouni eis den Neierungen ze verschléissen. De weltwäiten Zuch vum Coding ass scho laang ënnerwee a fortgefuer. Elo probéiere mir sou lues mol nach drop opzesprangen. Mir an eis Schüler, hunn hei schonns e gewaltege Retard, mee, eppes anzeféieren, ouni « Plan d'études », ouni genau Uweisungen, ouni konkret Virstellungen iwwert eng gemeinsam Basis, ass komplizéiert.

### **Wat géings du dir da perséinlech wënschen fir d'Schoul?**

Ech hale gär Schoul, ech hunn de Kontakt mat de Schüler gär, ech gi mäi Wësse gär weider, et reizt mech, de Maximum aus all Schüler erauszekëddelen. An awer sinn ech mat der Entwécklung vun der Schoul net zefridden. Ech hunn d'Impressioun, de Beruff vum Schoulmeeschter gëtt total verwässert, déi administrativ Aufgabe ginn ëmmer méi grouss, ëmmer méi wichteg. Dat ass net meng Schoul. Ech wënsche mir, datt d'Schoul halen nees vill méi an de Mëttelpunkt kënnt, an datt ech Zäit hunn, mech uerdentlech drop virzebereeden an net vun iergendwellechen Aufgaben, déi ëmmer erëm nei erfount goufen, dovunner ofgehale ginn.

\* Den Numm vum Schoulmeeschter ass geännert ginn

# En neie « Plan d'études » fir den « Enseignement fondamental »?

## - Kommt mir stellen déi wichteg Froen!

Wéi dir bestëmmt schon all (?) matkritt hutt, huet d'Curriculums-Divisioun vum SCRIPT e Prozess lancéiert, bei deem um Enn soll een neie « Plan d'études » fir den Enseignement fondamental stoen.

Dat Ganzt ass e participative Prozess, dee säin Ausdrock fonnt huet an enger Rei vu sougenannte « CoLabs », wou Acteuren aus dem Bildungsberäich an do ronderëm, awer och Kanner an Elteren, sech zu verschiddene Sujete geäussert hunn.

Zu all CoLab gëtt ee Rapport op [www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu) publizéiert, an deem all Iddien, déi am jeeweilige CoLab op d'Tapët koumen, notéiert ginn.

Ech muss soen, datt an deene verschiddene CoLabs ganz oppen iwwert all méiglech Sujeten diskutéiert gouf an datt d'Rapporten och ganz sachlech all déi Iddien a Gedankengäng festhalen.

### Esou wäit, esou gutt!

Elo stelle sech an der Suite natierlech awer eng Partie Froen:

- Wat geschitt mat all deenen Aussoen, déi deels konkret, deels flou, engersäits ganz brauchbar, anerersäits ganz wäit ausgeholl schéngen?
- Wéi ee Stellewäert hunn déi eenzel Aussoen, déi jo deels aus dem ganz perséinleche Bléckwénkel vun enger Persoun gemaach goufen, an engem Prozess, deen zu engem aktualiséierten oder esouguer zu engem neie « Plan d'études » féiere soll?
- Wéi konsensfäeg sinn déi gemachten Aussoen, a wéi wäit sinn se representativ?

- Wat maache mer mat Aussoen, déi sech diametral géintwärtig sinn?
- Wien decidéiert, wat méi, wat manner wichteg ass; wat « richtig » a wat « falsch » ass?

### A wéi geet et virun ?


Den Zäitplang gesäit no dëser Consultatiounsphas d'Ausschaffe vun engem Konzept fir een ugepassten oder neie « Plan d'études » vir.

Aus gewerkschaftlecher Siicht gëtt et elo spannend. Eis interesséiert:

- Wie sinn déi Leit, déi dat Konzept schreiwen?
- Wéi eng Bedeitung gëtt de Rapporten aus de CoLabs an dëser Phas nach bäigemooos?
- Wéi eng Acteuren hunn en Afloss op dat Konzept?

Wann ee sech den Zäitplang vun deem ganze Prozess ukuckt, da kann ee feststellen, datt deen dach méi ewéi sportlech ass. Fir d'Rentrée 2025 soll deen neie « Plan d'études » an de Schoule sinn.

- Riskéiere mer net, no enger relativ laanger Consultatiounsphas, déi eigentlech Aarbecht (Ausschaffe vun engem Konzept, Redigéiere vun den Dokumenter) herno erëm iwwert de Knéi ze brieche a « vun uewen erof » eppes op den Terrain ze geheien, wat déi eng net wëllen, wat d'Leit iwwerfuert, wat kee breede Konsens fënnt?
- Wéi bréngt mer et fäerdeg, d'Leit vum Terrain wierklech op de Wee vun engem neie « Plan d'études » matzehuelen a wéi wëlle mer erreichen, datt d'Inhalter vum neie « Plan d'études » och bei de Kanner ukommen?



Hei deen initialen Zäitplang (Extr. aus: Publication CNEF 2018-2021; SCRIPT - [www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu))

Et sief niewebäi bemierkt, datt an de CoLabs am Fong nëmme op enger Meta-Ebene diskutéiert gouf. Et gongt ëm grouss Sujeten ewéi eng Visioun fir den Enseignement fondamental, Méisproochegkeet oder Transversalitéit, awer net ëm d'Essenz, also konkret Inhalter, vun engem « Plan d'études ».

Bass erstaunt ass den SNE/CGFP dorwäert, datt den Term vun engem Bildungsdësch erëm am Schema vun der Prozedur opdaucht. Vu datt mer e « Conseil Supérieur » hunn, an deem all Acteuren aus dem Bildungsberäich vertrauede sinn, ass de Bildungsdësch bekanntlech iwwerflësseg.

Dofir stelle mir am Kontext vun der Curriculums-Aarbecht awer eng aner Fro: Wou ass eigentlech de Projet vun engem « Conseil National des Programmes (CONAP) » drun?

A ganz grondsätzlech stelle sech fir eis als SNE/CGFP dorwäert eraus nach eng Rétsch Froen:

- Firwat gëtt grad elo en neie « Plan d'études » fir den « Enseignement fondamental » redigéiert ?
- Wéi et schéngt, gëtt an eenzele Fachberäicher un neie Programme resp. neie Bicher geschafft. Wéi ass dat mat engem neie « Plan d'études » an

Aklang ze bréngen ? Misst net virdrun een neie « Plan d'études » do sinn, ier een un neie Bicher schafft?

- Wat bréngt en neie « Plan d'études » fir de Fondamental, wann um Niveau vun de Programmer vum Secondaire keng Upassung kommen?
- Misste mer net higoen, an ee Gesamtkonzept fir de Bildungsweg vun engem Kand vum C1 bis op Première erstellen, also de Curriculum endlech als ee Ganzt gesinn amplaz datt verschidden Interessegruppen an/oder Experten nëmme « hire » Beräich gesinn an dat Ganzheetlecht komplett aus den Ae verluer geet?

Wa mir eis d'Chance wëlle ginn, de Curriculum nei ze denken, da sollte mir eis och déi néideg Zäit ginn, déi esou en ëmfaassend wichtege Projet nun eemol brauch!



De Ronny Mergen  
ass Co-Titulaire Team-Teaching C4,  
Centre scolaire Parc Housen.

# Formation continue IFEN : Code D4-e-50

## „We'll be listening to you“ - Eine Geschichte des Paranoiakinos

**Formateur / Referent :** Yves Steichen, Filmhistoriker am CNA



Yves Steichen

### Objectifs / Zielsetzung

#### Savoirs :

Les participant/e/s connaissent les liens entre cinéma, culture populaire et sphère politique.

#### Savoir-faire :

Les participant/e/s sont capables de:

- analyser la production cinématographique dans son contexte historique
- déchiffrer les messages politiques et idéologiques des films dans leur époque
- savoir illustrer une leçon/un cours à l'aide d'extraits filmiques.

#### Attitudes :

Les participant/e/s sont amené/e/s à appréhender le film comme outil de l'éducation aux médias.



### Contenu / Inhalt

Superschurken, Geheimdienste, Schläfer, im Geheimen operierende, abtrünnige Teile der Regierung, allmächtige Wirtschafts- und Technologiekonzerne, okkulte Wissenschaften, die Kirche und sogar übernatürliche Kräfte – sie alle waren und sind Teil von paranoiden und konspirativen Filmerzählungen, deren Tradition und Faszination bis zu den Anfängen der Kinogeschichte zurückreicht. „Paranoiafilme“ und andere filmische Verschwörungsfantasien reflektieren die kollektiven Unsicherheiten und politischen Unwägbarkeiten ihrer Zeit und übertragen sie in pessimistisch-dystopische Narrative, deren Weltentwürfe nicht länger von Fortschritt und Aufklärung geprägt sind, sondern von Misstrauen, Manipulation, Überwachung und Täuschung.

Die Ciné-conférence bietet einen chronologisch-thematischen Überblick über die einflussreichsten filmischen Vertreter des „Paranoiakinos“ und situiert sie, untermalt von zahlreichen Filmausschnitten, in ihrem jeweiligen Entstehungskontext.

Beispielfilme: The Manchurian Candidate (1962), Blow Up (1966), The Conversation (1974), The Shining (1980), JFK (1991), The X-Files (1993-), Enemy of the State (1998) und The Da Vinci Code (2006).

### Approche méthodologique / Arbeitsformen

Présentation ponctuée par de nombreux extraits de films.

La conférence sera suivie d'une discussion informelle pour:

- réfléchir en groupe sur le contenu présenté préalablement
- échanger des avis et des expériences
- établir et renforcer le contact entre les enseignants.

### Informations pratiques / Praktische Hinweise

**Ordre/s d'enseignement :** C1, C2-C4, ES

**Public cible :** personnel enseignant et éducatif

**Langue(s) :** luxembourgeois

**Informations :** Claude Ries - [clauder.ries@education.lu](mailto:clauder.ries@education.lu)

**Organisation :** formation organisée en coopération avec SNE/CGFP

### Date et heure / Termin

**Date :** le mardi 25 avril 2023 de 18h30 à 20h30



**Lieu :** Syndicat National des Enseignants -  
SNE/CGFP - Salle des conférences



### Inscription :

<https://ssl.education.lu/ifen/descriptionformation?idFormation=283058>

Suchen Luxemburg Kundenlogin Merkzettel

Alle - Suche...  Ihr Warenkorb 0,00 EUR 

**sne** éditions

MATÉRIEL DIDACTIQUE 2022 - 2023 PRÉCOCE - PRÉSCOLAIRE DEUTSCH FRANÇAIS MATHÉMATIQUES EVEIL AUX SCIENCES LÉTZEBUERGESH WEITERE **SNE.LU**

Matériel didactique 2022 - 2023 >

Précoce - Préscolaire >

Deutsch >

Français >

Mathématiques >

Éveil aux sciences >

Lëtzebuergesch >


Sciences - Education - Culture >

Exclusivités >

Matériel adapté >


Papierlapapp >

Bestseller

 Schreifheft - Cycle 2.2 - 2. Schouljoer **3,35 EUR**

Herzlich Willkommen in unserem SNE Shop

Ihr kompetenter Partner in Luxemburg für jede Art von Druckmedien.



ONLINE am Shop bestellen : <https://sneeditons.shop/shop/>

Unser gedruckter Katalog online zum Download **Bon de com**

 **DIDERICH**  

- librairie
- papeterie
- café
- jeux / bricolage

2 rue Victor Hugo  
Esch/Alzette  
info@diderich.lu  
[www.diderich.lu](http://www.diderich.lu)



**sne** éditions

Ihr kompetenter Partner in Luxemburg für jede Art von Druckmedien in Druckvorstufe, Offset- und Digitaldruck

11-13, rue des Ardennes  
L-1133 Luxembourg  
[www.sne.lu](http://www.sne.lu)

Kontaktieren Sie uns: [shop@sne.lu](mailto:shop@sne.lu)



## Wo steuern Sie hin?

Bausparen – Steuern sparen

Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651

Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.

 BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg  
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, [www.bhw.lu](http://www.bhw.lu)



# It's my bank too!



BANQUE RAIFFEISEN, société coopérative

## Bestëmmt och Dir mat.

D'Raiffeisen ass eng Genossenschaftsbank an dat ännert alles!  
Gitt och Dir Member andeems Dir eng Part Sociale fir 25 €  
ënnerschreift a profitéiert vu villen Avantagen! Bei der  
Raiffeisen sidd Dir nämlech net nëmme Client vun  
enger Bank. Dir sidd gläichzäiteg och Koproprietär.  
Méi Informatiounen op [itsmybank.lu](https://itsmybank.lu)

**Gitt  
Koproprietär  
fir 25 €**

 **Raiffeisen**

D'Bank déi hire Membere gehéiert





  
EMILEFRISCH

Autocars Emile Frisch  
Tél. (+352) 49 61 51-1  
[www.emile-frisch.lu](http://www.emile-frisch.lu)  
[info@emile-frisch.lu](mailto:info@emile-frisch.lu)


Iwwerall ënnerwee

Groupe  
**renovation.lu**  
Handwierk aus Lëtzebuerg

 [www.renovation.lu](http://www.renovation.lu)

 288 308





**DIMMI**

## Test Dimmi Gratis!

*Fir eng sécher Kommunikatioun  
mat Elteren & Kolleeg-innen*

- ✓  
*Brauch keng  
privat Handy-  
nummer*
- ✓  
*Keng Vermaartung  
vun Äre privaten  
Daten*
- ✓  
*Keng  
Reklammen*
- ✓  
*Gehost an  
entwéckelt zu  
Lëtzebuerg*
- ✓  
*Leeft mat  
grëngem Strom*



**Kontaktéiert eis fir méi Informatiounen:**  
EducDesign s.a. / +352 26 51 61 / support@dimmi.lu



**boesner**  
KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER

Alles was kleine Künstler brauchen



- Über 28.000 Artikel
- Staffell- und Großhandelspreise
- Lieferservice
- Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum

**boesner GmbH Perl**

Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch  
Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com  
Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr

Auf 3.200 m<sup>2</sup>  
alles was Kunst braucht

Frankfurt  
